# Par Parc Our
# Saint-Nicolas

## Päischten – Pentecôte



Bild: Jozsef Gabor

Parbréif Nr 4/2024 18. Mee — 14. Juli 2024

# Matdeelungen

## *Parbüro – kuerz Notiz:*

Tëscht dem 25. Mee 2024 an dem 02. Juni 2024 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net besat. Bei wichtegen Uleies kënnt Dir gär per Mail op parc-our@cathol-lu schreiwen. Mir äntweren sou séier wéi méiglech op Är E-Mail.

## *Don 1. Kommioun 2024 fir CSI Lëtzebuerg – Entwécklung duerch Bildung*

Fir CSI Lëtzebuerg - Entwécklung duerch Bildung an deene benodeelegte Länner sinn bei Geleeënheet vun de Kommiounen zu Baastenduerf an zu Housen 2024 am Ganzen **1.700 EUR** gespend ginn. Mir soen am Numm vun CSI Lëtzebuerg a vun de Kommiounskanner an hiren Elteren allen Donateuren en häerzleche MERCI.

L’association CSI Luxembourg - Développement par l’éducation a reçu lors des communions à Bastendorf et à Hosingen 2024 des dons pour un total de **1.700 EUR.**

Au nom de CSI Luxembourg ainsi que des enfants de la première communion et de leurs parents nous remercions vivement tous les donateurs généreux.

## *Pilgermassen zum « Bildchen »*

Opgrond vu Stroosseschied ass et weiderhin net méiglech mam Auto bis bei d'Bildchenskapell ze fueren. Dowéinst hu mir am Team decidéiert, dass d'Pilgermassen bei d'Maria, d'Heel vun de Kranken, dëst Joer erëm an der Trinitarierkierch zu Veianen gehale ginn.

## *KonschTour zu Veianen op Päischten*
*den 18. a 19. Mee 2024*

Bei dësem 2-Deeg Multi-Art Event maachen lokal Kënschtler hir Atelieren op. Eidel Lokaler, privat Raim a Kierchen gi fir 2 Deeg Konschtgalerië.

## *Kiermes am Tricentenaire*
*de 26. Mee 2024*

E Sonndeg, den 26. Mee 2024 ass vun 12 Auer un am Centre Jean Heinisch zu Bissen Kiermes mat engem flotte Programm.

## *„Uergelmomenter x 4“*
*den 2. Juni 2024 zu Wuelessen an der Kierch*

E Sonndeg, den 2. Juni 2024, ëm 14 Auer invitéiert d'Chorale "Wuelësser Sängerfrënn Asbl' Iech an d'Kierch zu Wuelëssen op Uergelmomenter x 4.

D'Organisten Nathalie BRACHTENBACH, Dorothea NUSSBAUM, Adrien THEATO an Henri GROF stellen Iech d‘Villfältegkeet vun der Wuelësser Uergel vir, andeems se Iech mat Stecker vu Klassik bis an Neizäit iwwerraschen.

Den Entrée ass fräi.

## *Weekend vun den oppene Kierchen*
*den 3. a 4. Juni 2024*

E Samschdeg, de 3. Juni 2024, an e Sonndeg, de 4. Juni 2024 gëtt ëm 14:00 Auer an ëm 16:00 Auer eng Féierung vum Fränk Dimmer zu Houschent an der Kierch, déi den Schutzengelen geweit ass.

## *Härläichepréssessioun*
*den 2. Juni 2024 zu Veianen*

No der Festmass an der Trinitarierkierch ass dëst Joer nees déi traditionell Härläicheprëssioun zu Veianen.

Jiddereen aus der Par ass häerzlech invitéiert fir matzegoen, besonnech och eis Kommiounskanner an hir Familljen.

Mir soen eise Fraen a Mammen Yolande villmools merci fir dee schéine Blummenteppech, deen si leeën an och all deenen, déi d’Altäer opriichten an hir Fënsteren rëschten. Och der Chorale Trinitaire an der Veiner Musik een häerzleche Merci déi eis Prëssessioun mat hirem Sangen a Spille verschéineren an all deenen, déi soss nach hëllefen.

## *Concert AD LIBITUM „Musikalische Frühlings-Früchte“*
### *de 16. Juni 2024 zu Veianen an der Trinitarierkierch*

E Sonndeg, de 16. Juni 2024 ëm 16 Auer fënnt an der Trinitarierkierch zu Veianen e Solokantaten-Concert mam Ensemble AD LIBITUM statt.

De Solist gëtt vun engem Violconsort begleet: D'Viol ass e Sträichinstrument dat am 15. Joerhonnert a Spuenien erfonnt gouf an e fretfërmege Hals huet. Et gëtt dacks mat der mënschlecher Stëmm verglach wéinst sengem déiwen a waarme Klang.

Den Entrée ass fräi.

## *Familljemass vum Katechesejoer 2023/2024*
### *de 7. Juli 2024 zu Baastenduerf*

Als Ofschloss vum Katechesejoer 2023/2024 ass Sonndeg, de 7. Juli 2024 ëm 10:30 Auer eng **Familljemass** zu Baastenduerf an der Kierch.


**Kontakt: parc-our@cathol.lu**

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu

**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
92 13 45 / 621 83 54 69
carnold2@freenet.de

**Vincent De Smet** – *Kaploun*
20, Kierchestrooss – L-9454 Furen
621 46 80 26
vincent.desmet@cathol.lu

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen – Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu


| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

## *Massbestellungen*

1. D’Massintentiounen mussen **fir d’éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d’Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d’Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d‘**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d’Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D’Suen fir d’Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d’église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d’église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d’église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d’église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d’Begriefnisser an d’Hochzäiten kritt Dir eng demande d’offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d’Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## Päischten – Pentecôte - B

***Kiermes zu Holztem***

*1. Lies. Apg 2, 1-11:; 2.Lies.: Gal 5, 16-25; Ev.: Joh 15,26-27; 16,12-15*

***« Wann de Geescht vun der Wourecht bis komm ass,***
***da féiert hien iech an déi ganz Wourecht an. »*** *(Joh 16,13)*

Wéi de Jesus nach ënnert senge Jünger gelieft huet, konnten si déi ganz Wourecht iwwert hien nach net verstoen. Si hunn dofir de Bäistand gebraucht, deen de Papp am Himmel hinnen op Päischte geschenkt huet. Eleng den Helleg Geescht ka bezeien, ween de Jesus wierklech ass a wat hien äis erwierkt huet. Seng Jünger an och mir kënnen dat nëmmen mat senger Hëllef. Si hunn deemools Zeegnes ginn vun allem, wat si mat him erlieft hunn, well si vun Ufank un bei him waren. Loosse mir och opmierksam bleiwen fir dem Jesus seng Presenz an eisem Liewen a loosse mir ëmmer nees am Hellege Geescht erkennen, zu wéi enger Hoffnung mir als Chrëschten beruff sinn an wat den Herrgott äis mam Jesus geschenkt huet.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 18.05.2024** | | **Heiliger Johannes I.,** *Papst, Märtyrer (+ 526)* |
| Housen | 10:30 | **Daf** vum Nuno Amilcar Chantre Monteiro |
| Veianen | 11:00 | **Daf** vum Jeanne Debortoli |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass** |
| Holztem | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir Wagener Jos a Famill |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 19.05.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Clees-Heinen<br>an fir d'Famill Zanter-Heinen |
| Houschent | 09:15 | Mass fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer |
| Housen | 10:30 | Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Felten-Spartz |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir Mathias Liefgen |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Gil Fernandes Monteiro |

| | | |
|---|---|---|
| | 12:00 | **Daf** vum David Migueis Lessa<br>a vum Beatriz Lessa |
| **Méindeg, 20.05.2024** | | **Maria, Mutter der Kirche** |
| Eesbech | 10:00 | Mass |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 21.05.2024** | | **Heilger Joseph,** *Mystiker (+1241)*<br>**Heilger Christopherus Magallanes**<br>*und Gefährten, Märtyrer in Mexiko (+1927)*<br>Keng Mass |
| Iechternach | | **Sprangprëssessioun** |
| **Mëttwoch, 22.05.2024** | | **Heilige Rita von Cascia,** *Ordensfrau (+1457)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass |
| **Donneschdeg, 23.05.2024** | | **Jesus Christus, Ewiger Hoherpriester** |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir Hélène Bomann-Faust,<br>Mass fir Jean-Pierre Theis |
| **Freideg, 24.05.2024** | | **C.S. Elisabeth und C.F.M., Weihe der Basilika des heiligen Franziskus in Assisi** |
| Housen | 18:00 | **Hochzäit** vum Fernando Alves da Silva mam Catherine Becker |
| *uschléissend* | | **Daf** vum Matilda Teresa Alves da Silva<br>a vum Nelia Divina Krecké |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Dräifaltegkeetssonndeg – La Sainte Trinité - B

***Kiermes zu Housen, Konstem, Walsdrëf a Veianen***

*1. Lies.: Dtn 4, 32-34.39-40; 2.Lies.: Röm 8, 14-17; Ev.: Mt 28, 16-20*

***« Gitt a maacht aus alle Vëlleker Jünger: Deeft si op de Numm vum Papp, vum Jong a vum Hellege Geescht »*** *(Mt 28,19)*

De Jesus ass an d'Welt komm fir all d'Mënschen an enger neier grousser Gemeinschaft zesummenzeféieren: der Kierch. D'Quell vun der Gemeinschaft ass deen ee Gott, dee Léift ass an dofir net Elengsinn mee Kommunioun, deen sech verschenkt a sech matdeelt. Dofir gi mir all bei eiser Daf op de Numm vum

Papp, vum Jong a vum Hellege Geescht gedeeft. An dësen 3 Persounen huet den Herrgott sech äis matgedeelt a sech äis geschenkt. De Papp schenkt sech an der Gebuert vu sengem Jong an de Jong schenkt sech dem Papp an hir géigensäiteg Léift ass den Hellege Geescht, d'Band vun hirer Eenheet an och vun eiser Eenheet als Kanner vum Herrgott. De Jesus huet äis d'Gesiicht vun eisem baarmhäerzege Papp a Schöpfer gewisen a sech selwer als säi Jong, eise Brudder an Erléiser, deen sech fir äis higinn huet an den Hellege Geescht, deen äis an déi ganz Wourecht aféiert, äis tréischt a fir äis schwätzt. Haut kucke mir op dës Geheimnis vu Léift a Liicht, wou mir hirkommen a wou mir higinn. Loosse mir dës Eenheet an der Verschiddenheet nom Bild vum dräieenege Gott, zu der de Jesus äis berifft, an eisem Liewen an an eiser Missioun als Chrëschten net aus den Aen verléieren an dem Herrgott duerch eisen Déngscht un all eise Schwësteren a Bridder Eier maachen.

**Samschdeg, 25.05.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:30 | **Daf** vum Maya Yasmine dos Santos |
| Branebuerg | 11:00 | **Daf** vum Sophie Constantino |
| Konstem | 17:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |

**Sonndeg, 26.05.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Walsdrëf | 09:00 | **Kiermesmass**<br>als Joermass fir Norbert Gillen,<br>Mass fir d'Famillen Kayser-Heintz,<br>Kayser- Mailliet a Mass fir Heintz-Eiffes,<br>Mass als Joermass fir Norbert Gillen |
| Mierschent | 09:00 | Mass als Joermass fir Hubert Junker<br>a Mass fir d'Verstuerwe vun der Famill Junker-Gils a Heischbourg-Nosbusch |
| Housen | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung*,<br>Mass fir d'Wueltäterinnen vun eiser Kierch:<br>Paula Baumann-Breidt a Cecile Serres |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | **Kiermesmass** |
| Branebuerg | 12:15 | **Daf** vum Alyne Moreno Coehlo |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg 27.05.2024** | | **Heiliger Augustinus von Canterbury,** *Glaubensbote in England (+605)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 28.05.2024** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass zu Éiere vun der Muttergottes,<br>Mass fir Annette Theis-Weyrich |
| **Mëttwoch, 29.05.2024** | | **Heiliger Paul VI.,** *Papst (+1978)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz<br>fir déi kriibskrank Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg, 30.05.2024** | | **Fronleichnam - Erläichendag** |
| Eesbech | 18:30 | Mass mat Prëssessioun op Fronleichnam |
| **Freideg, 31.05.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Héichfest vum Läif a vum Blutt vu Christus- B

### *Erläichendag – Fête Dieu*

*1. Lies.: Ex 24, 3-8; 2.Lies. Hebr 9, 11-15:; Ev.: Mk 14, 12-16.22-26*

***De Jesus huet Brout geholl an den Herrgott gelueft; hien huet et gebrach, hinnen et ginn a gesot: « Huelt! Dat hei ass mäi Läif. »*** *(Mk 14,22)*

Loosse mir äis haut vun deenen einfache Wierder a Geste vum Jesus am Häerz beréieren, mat deenen hien äis dëst grousst Sakrament schenkt. Et ass en damiddege Geste vu Schenken an Deelen. Domat weist de Jesus äis, datt de Sënn vum Liewen am Sechverschenke besteet an datt Déngen dat Gréisst ass. Mir kënnen dem Herrgott seng Gréisst an engem klenge Stéck Brout erkennen. An der Eucharistie gëtt d'Zerbriechlechkeet äis Kraaft: d'Kraaft vun der Léift, déi sech kleng mécht, fir kënnen ouni Angscht emfaangen ze ginn, fir d'Liewen ze nären an all d'Mënschen an Eenheet zesummenzeféieren. Wa mir säi Liewensbrout emfänken, weist de Jesus äis och, datt mir fir hien wäertvoll sinn. Seng Baarmhäerzegkeet huet keng Angscht virun eisen Aarmséilegkeeten, mee heelt se un. D'Kommioun ass en Heelmëttel géint eis Verschlossenheet an d'Häert vun eisem Häerz, well se äis mam Jesus verbënnt an äis erméiglecht, säi Lienwensstil unzehuelen, äis ze verschenken an op dat Béist mat dem Gudden ze äntwerten. Esou kënne mir äis Gebriechen an déi vun deenen aneren unhuelen an eng echt Gemeinschaft liewen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 01.06.2024** | | **Heiliger Justin,** *Philosoph, Märtyrer (+165)* |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 02.06.2024** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:00 | Houmass<br>als 6. Wochemass fir Annette Theis-Weyrich,<br>Mass als Stg. fir Jean Scheidweiler-Loenertz,<br>*uschléissend* **Härläichepréssessioun** |
| **Méindeg, 03.06.2024** | | **Heiliger Karl Lwanga** *und Gefährten,*<br>*Märtyrer in Uganda (+ 1886)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 04.06.2024** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 05.06.2024** | | **Heiliger Bonifatius,** *Bischof, Märtyrer (+754)* |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell),*<br>Mass fir Catherine Oberlinkels-Majerus |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen |
| **Donneschdeg 06.06.2024** | | **Heiliger Norbert von Xanten,**<br>*Ordensgründer, Bischof (+1134)* |
| **Freideg, 07.06.2024** | | **Heiligstes Herz Jesu** |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 10. Sonndeg am Joreskrees - B

*1. Lies.: Gen 3, 9-15; 2.Lies.: 2 Kor 4, 13 - 5, 1; Ev.: Mk 3, 20-35*

***« Wien géint den Hellege Geescht lästert, dee kritt an Eiwegkeet net verzien, ma eng éiweg Sënd läit op him. » Si hate nämlech gesot: « Hien huet en onrenge Geescht an sech. »*** *(Mk 3,29-30)*

De Jesus ass esouwuel vu senger eegener Famill wéi vun de Schrëftgeléierte, déi vu Jerusalem komm waren, net verstane ginn. Dës ware geschéckt ginn, fir hien bei de Leit schlecht ze maachen an him seng Autoritéit ze huelen. Si kloen hien un, vum Däiwel besiess ze sinn a mat deem senger Kraaft ze heelen. Do-

mat maache si sech, vläicht ouni sech ders bewosst ze sinn, der schlëmmster Sënd schëlleg. Si verleegnen a lästere d'Léift vum Herrgott, déi am Jesus present ass a wierkt. Dat ass d'Sënd géint den Hellege Geescht, déi eenzeg, déi onverzeilech ass, well se d'Häerz virun der Baarmhäerzegkeet vum Herrgott verschléisst, déi am Jesus wierkt.

Dat ass eng Warnung fir äis alleguer. Och mir kënnen aus Näid iwwert d'Guddheet oder déi gutt Wierker vun enger Persoun versicht sinn, se falsch unzekloen an hire gudde Ruff ze zerstéieren. Den Herrgott soll äis vun dëser schlëmmer Versuchung befreien, déi d'Familljen, d'Frëndschaften an d'Gemeinschaft zerstéiert.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 08.06.2024** | | **Unbefleckte Herz Mariæ** |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass<br>als 2. Joermass fir Antoine Coremans |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 09.06.2024** | | **Mammendag** |
| Furen | 09:00 | Mass |
| Mierschent | 09:00 | Mass als 2. Joermass fir Fred Urhausen a Mass fir d'Famill Urhausen-Molitor-Heischbourg |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg,10.06.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 11.06.2024** | | **Heiliger Barnabas,** *Apostel* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir André a Jacky Schmit |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Mëttwoch, 12.06.2024** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz fir alkohol- an drogenkrank Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg, 13.06.2024** | | **Heiliger Antonius von Padua,**<br>*Ordenspriester, Kirchenlehrer (+1231)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass fir Claire a Mathias Meyers-Biver |

**Freideg, 14.06.2024**

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 11. Sonndeg am Joreskrees - B

*1. Lies.: Ez 17, 22-24; 2.Lies.: 2 Kor 5, 6-10; Ev.: Mk 4, 26-34*

***« Dem Herrgott säi Räich ass wéi e Moschterkär, deen, wann e geséit gëtt, dee klengsten ass vun alle Somkären op der Welt, deen awer dann an d'Luucht wiisst a méi grouss gëtt, wéi all déi aner Gaardeplanzen. »*** *(Mk 4,31-32)*

De Jesus gebraucht haut 2 Biller aus dem Alldag vun de Mënschen, déi mat der Natur ze dinn hunn, fir äis d'Geheimnis vum Herrgott a seng Geschicht mat de Mënschen nozebréngen. Wéi den Herrgott an der Natur wierkt, esou wierkt hien och am Liewe vun äis Mënschen. Mir brauche wéi de Jesus opmierksam Aen, fir den Herrgott iwwerall ze sichen an ze fannen. Den Herrgott ass um Wierk, wéi e klenge Somkär, deen stëll a lues keimt, bis datt hien e staarke Baam gëtt, deen Liewen an Erfrëschung schenkt. De Som vun eise gudde Wierker kënnt äis och heiansdo kleng vir, mee alles, wat gutt ass, gehéiert dem Herrgott a bréngt bescheiden seng Fruucht. Dat Gutt wiest ëmmer bescheiden am Verbuergenen, oft onsichtbar.

Mat dësem Gläichnis wëllt de Jesus äis Courage maachen a Vertrauen schenken. Well a ville Situatioune vum Liewen kann et geschéien, datt mir de Courage verléieren, wa mir gesinn, wéi dat Gutt schwaach ze si schéngt vis-à-vis vun der scheinbarer Kraaft vum Béisen. D'Angscht kann äis lämen, wa mir trotz eiser Méi net dat erhofftent Resultat erreechen an sech näischt ze ännere schéngt. De Jesus invitéiert äis dann, mat engem nei Bléck méi wäit ze kucken, iwwert den Uschäin eraus, fir d'Presenz vum Herrgott ze entdecken, deen an eisem Liewen an an der Geschicht um Wierk ass. Esou kënne mir mat Vertrauen a Gedold eise Wee viru goen an ëmmer nees dat Gudd ausséien, dat mat der Hëllef vum Herrgott zu senger Zäit seng Fruucht dréit.

**Samschdeg, 15.06.2024** **Mariengedächtnis**
**Heiliger Vitus,** *Märtyrer in Sizilien (+ um 304)*

Veianen 10:30 **Daf** vum Ben Richartz

Eesbech 15:00 **Hochzäit**
vum Julie Bingen mam Daniel Santiago

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

| | | |
|---|---|---|
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass fir Pierre Gieres,<br>fir d'Famill Gieres-Reding<br>an fir d'Famill Weis-Berens,<br>Mass fir d'Famill Leonardy-Miller-Kellen |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 16.06.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Hilda Gilsdref |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass fir Michel Heckemanns,<br>fir d'Famill Heckemanns-Clees<br>an fir d'Famill Serres-Schmitz |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Mierschent | 11:00 | **Daf** vum Oskar Schintgen |
| Bëttel | 12:00 | **Daf** vum Kyan Leiros Martins |
| **Méindeg, 17.06.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Dënsdeg, 18.06.2024** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 19.06.2024** | | **Heiliger Romuald,**<br>*Abt, Ordensgründer (+1702)* |
| Housen | 10:00 | Mass fir René Spaus a Famill *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Abbé Jos Sauber |
| **Donneschdeg 20.06.2024** | | |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |
| **Freideg, 21.06.2024** | | **Heiliger Aloisius Gonzaga,**<br>*Ordensmann (+1591)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |
| Tandel | 18:45 | Départ vum Cortège<br>*(Sportshall/Schoulcampus Am Brill)* |
| | 19:00 | **Te Deum** vun der Gemeng Tandel |

# 12. Sonndeg am Joreskrees- B

## *Nationalfeierdag*

*1. Lies.: Ijob 38, 1.8-11; 2.Lies: 2 Kor 5, 14-17; Ev.: Mk 4, 35-41*

***« Meeschter, mécht et dir näischt aus, datt mir hei zugronn ginn ? »*** *(Mk 4,38)*

Mir kënnen äis gutt an d'Jünger erafillen, déi an hirer Angscht am Stuerm um Séi de Jesus waakreg maachen an hien ëm Hëllef froen. An de Prüfungen vun eisem Liewen, wann d'Problemer äis iwwert de Kapp wuessen, wa mir keng Kraaft méi hunn, fir virun ze goen, wann e liewe Mënsch vill krank ass, hu mir och scho vläicht zum Jesus geruff: "Firwat bass du stëll a méch näischt fir mech? An esou Situatiounen gi mir vun eiser Angscht erdréckt a mir verléieren dat Wichtegst aus den Aen: datt de Jesus do ass an dat mat äis deelt, wat geschitt. Säi Schlof iwwerraschtt äis a stellt äis op d'Prouf. Mee hien wart drop, datt mir hien uruffen an an d'Mëtt stellen, mat abezéien. Mir mussen seng Hëllef am Gebiet froen: Här, rett äis! Loosse mir äis froen, wat äis bedréckt an äis Angscht mécht an dem Jesus et uvertrauen. Mir mir äis net an äis selwer verschléissen, da kann hien an äis wierken. Eist Gebiet huet eng aussergewéinlech Kraaft a ka Wonner wierken. Loosse mir dofir op de Jesus kucken a net op eis Problemer an him se uvertrauen, datt hien net och muss zu äis soen: "Firwat fäert dir esou? Hutt dir dann nach ëmmer kee Glaf?"

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 22.06.2024** | | **Heiliger Paulinus von Nola,** *Bischof (+431)*<br>**Heiliger John Fisher***, Bischof von Rochester,*<br>**Heiliger Thomas Morus,**<br>*Lordkanzler, Märtyrer (beide +1535)* |
| Housen | 11:30 | **Daf** vun Jaylen a Jaylee Ciara Varela Mateu |
| Baastenduerf | 15:00 | **Hochzäit**<br>vum Nëckel Frederes mam Conny Koob |
| Mierschent | 18:45 | Départ vum Cortège bei d'Kierch |
| | 19:00 | **Te Deum** vun der Gemeng Pëtschent |
| Housen | 20:30 | Départ vum Cortège bei d'Kierch *(Nei Gemeng)* |
| | 20:45 | **Te Deum** vun der Gemeng Parc Housen |
| **Sonndeg, 23.06.2024** | | |
| Furen | 10:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |

| | | |
|---|---|---|
| Veianen | 11:00 | Départ vum Cortège bei der Gemeng |
| Veianen-TK | 11:15 | Feierlechen **Te Deum**<br>fir d'Stad Veianen an der Kierch |
| **Méindeg, 24.06.2024** | | **Geburt des Heiligen Johannes des Täufers** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 25.06.2024** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir Charel, Edmond a Roger Kaboth |
| **Mëttwoch, 26.06.2024** | | **Heiliger Josefmaria Escriva,** *Priester (+ 1975)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz fir Mënsche mat Depressiounen an anere psychesche Krankheeten |
| **Donneschdeg, 27.06.2024** | | **Heiliger Cyrill von Alexandrien,**<br>*Bischof, Kirchenlehrer (+ 444)*<br>**Heilige Hemma von Gurk,**<br>*Stifterin von Gurk und Admont (+ 1045)* |
| **Freideg, 28.06.2024** | | **Heiliger Irenäus,** *Bischof von Lyon,*<br>*Märtyrer, Kirchenlehrer (+ 202)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 13. Sonndeg am Joereskrees B

***Kiermes zu Branebuerg***

*Kollekte: «Für die Kirchen Osteuropas».*

*1. Lies.: Weish 1, 13-15; 2, 23-24; 2.Lies 2 Kor 8, 7.9.13-15:; Ev.: Mk 5, 21-43*

***« Meng Duechter, däi Glaf huet dech gerett:***
***Géi a Fridden a sief vun denger Krankheet geheelt! »*** *(Mk 5,34)*

De Jesus léisst sech haut am Evangelium vun eiser Péng a vun eisem Doud beréieren a wierkt zwee Zeechen vun Heelung fir äis ze weisen, datt d'Péng an den Doud net dat lescht Wuert an eisem Liewen hunn.

Bei der Fra, déi Bluddungen hat, war net nëmmen hir Gesondheet, mee och hir Gefiller betraff, well si huet als onreng gegolt. Si war aus der Gesellschaft ausgestouss a konnt keng fest Bezéiungen hunn, kee Partner, keng Famill. Si huet missten eleng liewen mat hirem verwondten Häerz. Déi gréisst Krankheet ass de Mangel u Léift oder onfäeg ze sinn, aner Mënschen gär ze hunn. Dës aarm Fra war kierperlech krank, mee als Folleg dovun och duerch e Feele vu Léift. An

déi Heelung, déi am meeschten zielt, ass déi vun de Gefiller. Wéi steet et domat bei äis an traue mir dem Jesus zou, äis ze heelen? Mir all kënnen äis un döser Fra ouni Numm e Beispill huelen. Si huet fir d'éischt zu deene falsche Mëttelen gegraff, déi hire Mangel u Léift net konnten stëllen. Dunn huet si deen direkte Kontakt mam Jesus gesicht an him hirt Häerz opgemaach. Dat ass et, wat de Jesus wëll. Hien sicht no engem Häerz voll Glawen a geet iwwer Sënnen a Viruerteeler eraus. Hien heelt grad déi Fra, déi onreng ass a vun all deenen anere verstouss gëtt. Hien nennt si zärtlech "meng Duechter". Dat ass dem Jesus säi Stil: Nosinn, Matleed a Zärtlechkeet. Hien lueft hire Glawen a schenkt hir nees Vertrauen a sech selwer. Loosse mir och all esou de Jesus eist Häerz ukucken an heelen. Loosse mir och e sou déi aner unhuelen ouni iwwer si ze uerteelen an duerch eis Léift heelen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 29.06.2024** | | **Heiliger Petrus und Heiliger Paulus,** *Apostel* |
| Housen | 11:00 | **Daf** vum Lyam Augusto Santos Lopes |
| **Sonndeg, 30.06.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir Tilly a Nic Groeff-Trausch |
| Houschent | 09:15 | Mass als 6. Wochemass fir Annette Schroeder,<br>Mass als 1. Joermass<br>fir Thérèse Schroeder-Dimmer<br>a Mass fir Nikela Schroeder |
| Branebuerg | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass fir Jean a Catherine Weber-Steffen<br>a fir Pierre Steffen<br>Mass fir d'Famill Jungels-Miller |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 01.07.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 02.07.2024** | | **Mariä Heimsuchung** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 03.07.2024** | | **Heiliger Thomas,** *Apostel* |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Felix Eischen |

**Donneschdeg, 04.07.2024** **Heiliger Ulrich,** *Bischof von Augsburg (+ 973)*
**Heilige Elisabeth,**
*Königin von Portugal (+ 1336)*

**Freideg, 05.07.2024** **Heilger Antonius Zaccaría,**
*Priester, Ordensgründer (+ 1539)*

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 14. Sonndeg am Joereskrees B

*1. Lies.: Ez 1, 28b - 2, 5; 2.Lies: 2 Kor 12, 7-10; Ev.: Mk 6, 1b-6*

***Vill vun deenen, déi dem Jesus nogelauschtert hunn, waren ausser sech a soten:***
***« A wou huet hien dat alles hier...? » A si hunn Ustouss un him geholl*** *(Mk 6,2-3)*

D'Leit aus dem Jesus sengem Heemechtsduerf kennen de Jesus oberflächlech awer si erkennen hien net a senger Eenzegartegkeet, well si an hire Viruerteeler gefaange sinn. Si gleewen net un hien, well si de Skandal net akzeptéieren, datt den Herrgott Mënsch gëtt a sech an eisem schwaache Fleesch offenbaart, datt de Jong vum Herrgott de Jong vun engem Zammermann ass, datt Gott verbuergen an de Wierder an de Gesten vun engem einfache Mënsch wunnt. Den Herrgott ass am Mënsch Jesus vun Nazareth eise Weebegleeder ginn, een vun äis. A well hien ee vun äis ass, versteet hien äis, verzeit hien äis, huet hien äis esou gär. Een abstrakte Gott, dee wäit ewech ass a sech net amëscht, ass méi bequem. Oder mir gleewe léiwer un e Gott, deen aussergewéinlech Saache mécht an äis grouss Gefiller schenkt. Mee den Herrgott ass Mënsch ginn, hien ass deemüteg a verbuergen, hien kënnt äis no a wunnt an der Normalitéit vun eisem alldeegleche Liewen. An esou kann et och äis geschéien, datt mir hien net erkennen, wa mir him begéinen oder Ustouss un him huelen.

**Samschdeg, 06.07.2024** **Heilige Maria Goretti,**
*Jungfrau, Märtyrerin (+ 1902)*

**Sonndeg, 07.07.2024**

Furen 09:00 Mass als Stg. fir d'Famill Winter-Kuffer

Mierschent 09:00 Mass fir Albert a Mariechen Mollitor-Simon,
Mass fir Josy Trausch

Baastenduerf 10:30 **Familljemass**,
Mass fir Jeannot Goeres
a fir d'Famill Kandels-Urhausen

Housen 10:30 Mass

Veianen-TK 10:30 Houmass

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 08.07.2024** | | **Heilger Kilian,** *Bischof von Würzburg und Gefährten*, *Märtyrer (+ 689)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg 09.07.2024** | | **Heiliger Agustinus Zhao Rong,** *Priester, und Gefährten, Märtyrer (+ 1815)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 10.07.2024** | | **Heilger Knud,** *König von Dänemark, Märtyrer (+ 1086)* **Heiliger Erich,** *König von Schweden, Märtyrer (+ 1160)* **Heiliger Olaf,** *König von Norwegen (+ 1030)* |
| Housen | 10:00 | Mass als 5. Joermass fir René Spaus *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz fir de Kardinol, de Weibëschof an de Generalvikar |
| **Donneschdeg, 11.07.2024** | | **Heiliger Benedikt von Nursia,** *Vater des abendländischen Mönchstums, Schutzpatron Europas (+ 547)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass fir den Dechen René Feltes |
| **Freideg, 12.07.2024** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 15. Sonndeg am Joereskrees B

*1. Lies.: Am 7, 12-15; 2.Lies: Eph 1, 3-14; Ev.: Mk 6, 7-13*

***Déi Zwielef hu sech op de wee gemaach an hunn de Leit verkënnegt, si sollten ëmdenken. Si hu vill Dämonen ausgedriwwen, an si hu vill Kranker mat Ueleg gesaleft a si geheelt.*** *(Mk 6,12-13)*

D'Evangelium vun haut léisst äis un d'Sakrament vun der Krankensalbung denken, dat de Kierper an d'Séi stärkt. Mee d'Nolauschteren, d'Nosinn, d'Virsuerg ass och eppes wéi den Ueleg, dat mécht, datt et engem besser geet, datt d'Péng noléisst, datt een opgeriicht gëtt. Mir all brauchen d'"Salbung" vun dem Nosinn an der Zärtlechkeet a mir kënnen aneren se ginn.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 13.07.2024** | | **Heiliger Heinrich II. und Heilige Kunigunde,** *Kaiserpaar (+ 1024 bzw. 1033)* |
| Stolzebuerg | 16:00 | **Daf** vum Maria Magdalena Pinto |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass als Stg. fir Jean Fonk a Anna Lentz |
| **Sonndeg, 14.07.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass zu Éiere vun der Muttergottes |
| Houschent | 09:15 | Mass als Joermass fir Anna a Marcel Wagener-Richartz a Mass fir Ady Odem |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass gesongen vun der Chorale Saint Pie X vu Kayl |

*Redaktiounsschluss fir déi nächste Parbréif:*

**28. Juni 2023 /** parc-our@cathol.lu

Wann dir är Masse bestellt, passt wannechgelift op, wieni déi nächst Parbréiwer wéi follegt publizéiert gi.

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss ass de:*** |
|---|---|---|
| ***05/2024*** | 13.07.2024-15.09.2024 | 28.06.2024 |





*Foto: Michael Tillmann*

**Wer meint, Pfingsten gäbe es keine Geschenke**
**wie zu Weihnachten oder Ostern, der irrt sich.**
**Der Geist kommt nicht mit leeren Händen.**
**Sieben Gaben bringt er mit,**
**unendlich wertvoller**
**als Schoko-Klaus und Knickebein:**
**Der Geist der Weisheit und der Einsicht.**
**Der Geist des Rates und der Stärke.**
**Der Geist der Erkenntnis und der Frömmigkeit**
**sowie der Geist der Gottesfurcht.**

*Foto: Gerhard Zinn*



Fonds d'avenir
*Ensemble pour l'Église de demain*

## L'Église de demain a besoin de nous tous !

À partir de 2024, la **Fondation Sainte-Irmine** prend en charge des salaires de jeunes prêtres et laïcs en mission ecclésiale, embauchés depuis l'entrée en vigueur des nouvelles relations entre l'Église et l'État par l'Archevêché **pour les besoins pastoraux de l'Archidiocèse**.

**Vous aussi, soutenez le Fonds d'avenir de l'Église par un don :**
**CCPL LU79 1111 7038 7846 0000**
*Les dons sont fiscalement déductibles.*

### Merci beaucoup pour chaque geste !

Infos sur https://irmine.lu

**Un scan, un don**

- Scannez ce QR code Payconiq
- Entrez le montant de votre don
- Validez votre don avec votre Face ID, votre empreinte digitale ou votre code PIN

Fondation Sainte-Irmine

Fonds d'avenir
Ensemble pour l'Église de demain

payconiq

Fonds d'avenir

*Zesumme fir d'Kierch vu muer*

# D'Kierch vu muer brauch eis all!

Vun 2024 un iwwerhëlt d'**Fondatioun Sainte-Irmine** via de Fonds d'avenir éischt Paie vu jonke Priister a Laien am pastoralen Déngscht, déi zanter dem Akraafttriede vun den neie Relatiounen tëscht Staat a Kierch vum Bistum **fir déi pastoral Besoine vun der Äerzdiözees** agestallt goufen.

**Ënnerstëtzt och Dir den Zukunftsfong vun der Kierch mat engem Don: CCPL LU79 1111 7038 7846 0000**
*D'Done kënne vun de Steieren ofgesat ginn.*

**Villmools Merci fir all Geste!**

Infoen op https://irmine.lu

## Un scan, un don

- Scannez ce QR code Payconiq
- Entrez le montant de votre don
- Validez votre don avec votre Face ID, votre empreinte digitale ou votre code PIN

Fondation Sainte-Irmine

Fonds d'avenir – Ensemble pour l'Église de demain

payconiq

# Trinitarierkirche Vianden

# Musicalische Frühlingsfrüchte



Ensemble AD LIBITUM

Jeff Mack, Countertenor

Ursula Garnier, Violine

Anne Clement, Jean-Daniel Haro,

Stéphanie Houillon, Beate Wins, Gambe

Rosch Mirkes, Orgel

**Werke von Bach, Becker, Buxtehude, Erlebach, Pohle, Thieme, Thunder**

**Sonntag, den 16. Juni um 16:00 Uhr - Eintritt gratis**